# Wichteg Informatioune fir d'Elteren

## Schoulcharta

- Kanner, déi nei am C2.1. sinn a Kanner, déi während dem leschte Schouljoer bäigeplënnert sinn, ënnerschreiwen am Laf vum éischten Trimester déi grouss Schoulcharta, déi bei der Entrée hängt. Zudeem kréien hir Elteren den Dépliant mam Text vun der Schoulcharta.

## Absencen

### Pénktlechkeet

- D'Eltere sinn dofir verantwortlech, datt d'Kanner pénktlech an der Schoul sinn.
- Wann d'Elteren hir Kanner nom Cours siche komme, solle si mat Zäiten do sinn.

### Entschëllegt an onentschëllegt Feelen

- Falls e Kand net an d'Schoul komme kann, sollen d'Elteren den Enseignant nach **viru** Schoulufank driwwer informéieren. Sou weess den Enseignant Bescheed, datt d'Kand deen Dag net an d'Schoul kënnt.
- Wann e Kand tëscht 1 an 3 Deeg feelt, muss et eng schrëftlech Excuse ofginn, am beschte sou séier wéi méiglech, nodeems et rëm an der Schoul ass.
- Feelt e Kand méi laang wéi 3 Deeg, muss et e Certificat médical ofginn.
- Falls d'Kand keng resp. keng valabel Excuse ofgëtt, sou gëtt dat am Relevé des absences agedroen, deen de Cycle eemol pro Mount ausfëllt. Hei vermierkt den Enseignant och, wann e Kand regelméisseg ze spéit an d'Schoul kënnt.

- Nodeems d’Gemeng de Relevé des absences zougeschéckt krut, ginn déi Eltere, wou d’Kand onentschëllegt gefeelt huet, mat engem Bréif op d’Schoulpflicht higewisen. Falls dat méi oft virkënnt, gëtt den Dossier un d’Assistante sociale virugereecht.
- Déi onentschëllegt Stonnen an de Cumul vun de Retarden ginn als ‚absences non justifiées an de Bilan geschriwwen.
- Wann e Kand wéinst ‚convenances personnelles’ en Dag fräi wëll, sou mussen d’Elteren dat beim Titulaire de classe ufroen. Deen décidéiert dann, ob en d’Demande unhëlt oder net.
- Wann e Kand wéinst ‘convenances personnelles‘ méi wéi een Dag fräi wëll (maximal 5 Deeg), mussen d’Elteren eng schrëftlech Demande un d’Presidentin vum Schoulcomité riichten. Si décidéiert dann, ob si d’Demande unhëlt oder net.
- Wann e Kand wéinst ‘convenances personnelles’ méi wéi 5 Deeg fräi wëll, mussen d’Elteren eng Demande un de Ministère de l’Education Nationale et de la Jeunesse schécken.
- Beim Précoce gëtt et keng ‘obligation scolaire’. Wann d’Elteren hir Kanner ageschriwwen hunn, sollen d‘Kanner sou oft wéi méiglech um Cours deelhuelen. Bei engem Feele mussen d’Elteren eng schrëftlech Excuse rareechen.

# Transport an d’Schwemm

**Schwemm vun der Lydie Schmit Schoul (C1, C2, C3.1)**

- D’Kanner vun der Albert Wingert Schoul ginn entweder mam Bus (C1) oder ze Fouss (C2, C3.1) an d’Schwemm bruet a ginn dobäi vun hirer Schwammléierin begleet.

**Grouss Schwemm (C3.2, C4)**

- Kanner, déi um 7:50 oder 13:55 Schwammen hu, gi selwer an d’Schwemm.
- Um 11:55 oder um 16:00 gi se vun der Schwemm aus selwer heem.
- Um 10 Auer assuréiert d’Léierpersonal den Transport ze Fouss.

- D’Eltere ginn eng schrëftlech Entschëllegung fir den Enseignant mat, wann hir Kanner net mat schwamme goe kënnen.
- Falls d’Kand keng schrëftlech Excuse opweise kann, geet et mat schwammen. Dat néidegt Material kritt et vun der Schwemm geléint.
- Um Enn vum Cycle 3.1. kréien d’Kanner am Juli de Schwammhoraire vum Schouljoer drop matgedeelt, fir sech kënnen z’organiséieren.

# Schoulhaff

## Surveillance

- Am Schoulhaff gëtt vu 7:40 bis 7:50 a vun 13:45 bis 13:55 eng Surveillance virun der Schoul assuréiert. Während de Pause gëtt et eng Surveillance duerch d'Enseignanten. Hei sinn och d'Pausebuddien am Asaz.

## Spiller

- Am Haff si véier Spiller: a) Fussballsterrain, b) Basketballterrain, c) Klettergerüst, d) Rutschbahn
- An engem Plang gëtt schrëftlech festgehale, wéi eng Klasse wéini wat benotzen duerfen.
- Aus Sécherheetsgrënn duerfen d'Kanner d'Klettergerüst net moies virum Ufank vun der Schoul notzen. Et duerf och ni benotzt gi, wann et naass ass.

# Parking

- De Parking vun der Albert Wingert Schoul ass ausschliesslech fir d'Personal vun der Schoul geduet.
- Aus Sécherheetsgrënn duerfe weder d'Kanner nach hir Elteren driwwer goen.

# Accès an d'Schoul

- Précoce: Moies ab 7:25 kënnen d'Kanner vum Précoce an hirem Klassesall ukommen. Dëse Service ass gratis a gëtt net vun der Maison Relais assuréiert. Ab 8:15 ass d'Dier zougespaart. Da mussen d'Eltere schelle, fir datt hir Kanner rageloss ginn.
- Cycle 1: D'Eltere bréngen d'Kanner an de Rechteck vun hirer Klass. Um 7:50 ginn d'Kanner mat hirer Léierin an d'Schoul an d'Diere ginn zougespaart. Wann een ze spéit kënnt, muss ee beim Kneppche vun der entspriechender Klass schellen.
- *Coronabedéngt ass et am Moment anescht: 4 Klasse ginn iwwer hir Terrass an 2 Klasse ginn zur Haaptentrée ran resp. raus.*
- Cycle 2 – 4: D'Kanner ginn ouni hir Elteren an de Schoulhaff. (Ausnahm: Déi éischt puer Deeg Cycle 2.1). D'Eltere sollen ausschliesslech

d'Haaptentrée (Kräizung rue Michel Rodange / rue Albert Wingert) benotze, fir an d'Schoul ze kommen. Si solle schelle, fir opgemaach ze kréien.

# Aktivitéiten

### Spaghettifriess

- Zënter dem Schouljoer 1998/99 organiséieren d'Schëfflenger Schoulen hir Spaghettifriess.
- D'Kanner kënne mëttes an der Schoul géint e klengen Onkeschtebäitrag Spaghettien iessen.
- Den Erléis gëtt gesammelt an un e puer karitativ Organisatioune gespend, déi eppes fir Kanner maachen. Normalerweis gëtt den Erléis vun der Gemeng nach verduebelt.
- D'Enseignanten hëllefen dobäi, andeem si a fräie Stonnen an der Kichen oder beim Service eng Hand mat upaken. Vun 12 bis 14 Auer bleift all Enseignant bei senger Klass an assuréiert d'Surveillance.
- Op deem Mëtten ass de Schoulrestaurant vun der Maison Relais zou.

### Schouluebst a -mëllech

- Am Kader vun der Aktioun ‚Fruit 4 School' kréien d'Kanner eemol an der Woch e Stéck Uebst oder Geméis fir näicht.
- Eemol an der Woch hunn d'Kanner och e Recht op e Véirel Liter Mëllech. Virdru ginn d'Elteren hire schrëftlechen Accord.
- Béid Aktioune gi vum Ministère finanzéiert.

### Raider

- Eis Schoul huet 2 Raidere, wou Informatioune fir d'Elteren ausgehaange ginn. Hei kann d'Léierpersonal raussiche, wat fir Aktivitéiten dokumentéiert ginn. Selbstverständlech gëtt bei der Auswiel vu Fotoe mat Kanner den ‚droit à l'image' absolut respektéiert.

# Schoulprojeten

### Clever Move

- ‚Clever Move' ass eng Initiative, fir méi Bewegung an d'Schoul ze kréien. Engersäits kann een tëscht verschiddenen Léierphasen kuerz Beweegungsspiller abauen. Anerersäits kann ee verschidde Léieraktivitéite mat Beweegungsmomenter verbannen. D'Forschung geet

dovunner aus, datt d'Kanner duerch Beweegung rem méi wakreg ginn an éischter bereet sinn, schoulesch Inhalter opzehuelen.

## Mathekonzept

- D'Mathekonzept vun der Albert Wingert Schoul gesäit vir, datt d'Kanner a sämtleche Cyclen no de selwechte Methoden a mat de selwechte Materialien ënnerriicht ginn.

## Label vun der Superdreckskëscht

- Eis Schoul huet de Label vun der Superdreckskëscht. Dee Label kann all Betrib kréien, dee sech fir Recycling an Nohaltegkeet asetzt.
- Recycling spillt an der Schoul eng wichteg Roll, dofir sollen d'Kanner am Unterrecht drop higewise gi, wéi een d'Offäll richteg sortéiert.
- An all Schoulsall si 4 Poubellen : Pabeier, Verpakungen, Kompost a Restmüll. Den Enseignant soll regelméisseg iwwerpréiwen, ob d'Kanner richteg trennen.
- Et ginn och 3 verschidde Poubellen am Schoulhaff: Kompost, Verpakungen a Restmüll. Och hei sollen d'Kanner den Offall richteg trennen.
- Am Keller ass e klenge Recyclingcenter, wou verschidde Saache wéi Luten, Toner, Batterie gesammelt ginn.
- Eis Schoul benotzt emweltfrëndlecht Schoulmaterial. All Cycle bestellt Hefter, Klasseure, Bléck,…, déi aus recycléiertem Material hirgestallt goufen.

## Pausebuddien

- Kanner aus dem Cycle 4, déi eng Ausbildung vun 12 Stonnen hannert sech hunn an en entspriechenden Test bestanen hunn, däerfen als Pausebuddy am Schoulhaff täteg sinn.
- Op verschiddene Plaze vum Schoulhaff sti 5 Buddien, déi d'Situatioun am A behalen. Falls hinnen eppes opfällt, wat net de Pauseregelen entsprëcht, wenden si sech un déi betraffe Kanner a versichen, dat mat hinnen ze klären. Bei Probleemer päife si an eng Trillerpäif an d'Surveillance gräift an. Trotz de Buddien halen d'Enseignante hir Surveillance weider.

## Eenheetlech Faarwe bei den Hefter a Klasseuren

- An de Cyclen 2 bis 4 si folgend Faarwe fir Hefter a Klasseuren virgesinn:
  - rout → Mathe
  - gréng → Franséisch
  - blo → Däitsch
  - giel → Vokabelen / Wortschatz
  - schwaarz → Wocheplang
- Bei anere Fächer spillen d'Faarwe keng Roll.

## Plastik vermeiden

- An Eltereversammlungen an och am Cours ginn d'Elteren resp. d'Schüler drop higewisen, wéi einfach een Offall vermeide kann.
- All Kand gëtt opgefuedert e Bidon an eng Schmierekëscht matzebréngen, déi et ëmmer rëm benotze kann. Bidonen mam Schoullogo kann ee fir 8 € kafen.

# Elteren

## Elterevertrieder

- All 3 Joer ginn d'Elterevertrieder vun den Eltere gewielt, dat am Kader vun enger Versammlung, déi vum Schoulcomité organiséiert gëtt. Soulaang ee wéinstens ee Kand an der Albert Wingert Schoul huet, duerf ee seng Kandidatur stelle, fir als Elterevertrieder gewielt ze ginn.
- D'Elterevertrieder treffe sech wéinstens eemol am Trimester mam Schoulcomité. Hei hu béid Säiten d'Méiglechkeeten, hir Interessen ze vertrieden.
- D'Elterevertrieder ginn hiren Avis zur Schoulorganisatioun an zum PDS (Plan de Développement Scolaire) of.
- D'Elterevertrieder an d'Léierpersonal organiséiere gemeinsam Aktivitéiten (z.B. Spillmoien, Kleeschen, Chrëschtmaart, Spaghettifriess, Schoulfest).

## Elterevereenegung

- Eis Schoul huet eng Elterevereenung, déi sech ESAW (Elterevereenegung Schoul Albert Wingert) nennt.
- Hei ka jidderee matmaachen, och wann e keng Kanner an der Schoul huet.
- D'Elterevereenegung an d'Elterevertrieder schaffe bei deene virdru genannten Aktivitéiten enk zesummen.

- De Bénéfice, dee bei deenen Aktivitéiten rakënnt, spend d'Elterevereenegung un d'Schoul. Heimadder gëtt haaptsächlech de ‚fonds de colonie' gespeist, woumadder de Klassen hir Schoulkolonie matfinanzéiert gëtt.

# Divers

## Assurance

- Wann e Schüler e materielle Géigestand während der Schoulzäit beschiedegt kritt, da musse seng Elteren fir d'éischt den Enseignant informéieren an den Objet duerno flécke resp. ersetze loossen. Si bréngen d'Rechnung an d'Schoul an de Remboursement leeft iwwert d'Assurance vum MENJE. De Formulaire an d'Rechnung muss ee bei der Schoulpresidentin ofginn.
- Wann e Schüler sech während der Schoulzäit oder um Schoulwee verletzt, fëllt den Enseignant eng Fiche „Assurance Accident" aus. Déi Assurance iwwerhëlt all d'Onkeschten, déi ufalen.

## IAM Code (Identity and Access Management)

- Soubal d'Kanner am Cycle 1 schoulpflichteg si, kréien hir Eltere vun den Enseignanten den IAM Username an e Passwuert matgedeelt. Dobäi ass och e Bréif, wou et méi Informatiounen zum Thema ginn.

## Feieralarm

- E Gesetz gesäit vir, datt all ëffentlecht Gebai zweemol am Joer eng Feieralarmübung maache muss.
- An all Sall hängt e Plang, wou dropsteet, wéi ee sech bei Feieralarm ze behuelen huet a wou all Klass sech virun der Schoul versammle muss.

## Handy

- D'Kanner däerfen en Handy mat an d'Schoul huelen, en däerf awer während der Schoulzäit resp. während der Paus net benotzt ginn. D'Kanner mussen e während där Zäit ausgeschalt hunn.
- Sollten d'Kanner den Handy während der Schoulzäit awer benotzen oder den Handy fängt u mat Schellen, sou hëlt den Enseignant de Kanner den Handy of a gëtt e weider un d'Presidentin vum Schoulcomité.
- D'Eltere ginn doriwwer informéiert a si kënnen den Handy an de Bureau vun der Presidentin siche kommen.

- D’Kanner hu kee Recht, während der Schoulzäit ze filmen oder Fotoen ze maachen. Dat kéint rechtleche Konsequenze mat sech zéien.

# Schoulhomepage

- Déi offiziell Homepage vun de Schëfflenger Schoulen heescht **http://www.schoulscheffleng.lu**.
- Um Deel vun der Albert Wingert Schoul fannen d’Elteren eng Rei Informatiounen.

- aktuell Norichten
- Klassen
- Elterevertrieder
- Schoulcomité
- Projeten
- Download vu Formulairen
- Activités parascolaires
- Maison Relais

